ChaosMeeting 2025/03

Date	28/07/2025
Time	20:00
Location	nextcloud
Administrative Council Attendees:	virii, xbr
Minutes Recording	xbr

Agenda

- Hack.lu 2025 - xbr
- WHY2025 - xbr
- Freifunk Update - xbr
- Payment methods - virii
- Meshtastic - orimpe

Minutes

Hack.lu 2025

- Datum: Oct. 21 - 24
- Location: Alvisse Parc Hotel

Mir si säit 2019 net mei gaang, mëscht et Sënn ze goen, kenne mir dat iwwerhaapt maachen?

Et ass vill mei Security-oriented wei Hacker. Mir haten ee Stand an hu Mate verkaf, mam syn2cat geschwat, e puer Saachen nach, mee dat war et soss.

Mir hu keng Zäit / Bock fir ee Stand, mee mir kéinte vläicht een Owend an d'Bar goen.

WHY2025

WHY2025 ass een Hackercamp an Holland, iwwert Amsterdam, 8-12 August. Tickets sinn ausverkaf.

xbr geet.

Freifunk Update

xbr huet op Freifunk Lëtzebuerg geschafft a mat engem Däitsche Freifunk Member geschwat.

Mir hunn nei stabel/beta/experimental firmware, fflux(-test) ass geupdated, stats gi erem.

Mir hu vill Servers, brauche mir déi all? Mir hunn d'DEA verluer, also si mir vun ~20 op ~13 nodes gaangen. Déi wou am meeschte benotzt gi sinn déi am Camping, an heiansdo am Level2 a rar déi

puer privat Nodes.

Mir hu C50v6 a C60v3 am Lab, C60 kenne scho benotzt ginn, C50 nach net (owrt 24.10 / gluon main).

Mir kenne "lokal" Servicer op Freifunk Infra lafen loossen: Jitsi, Pad, DNS, etc.

Freifunk kéint als Projet och nach mat generell Funk Saache verbonne ginn (Meshtastic, etc.)

Payment Methods

Satispay mëscht eise Konto zou.

Payconiq freet erëm fir Dokumenter, et ka sinn dass mir déi fort maachen.

Keen benotzt Crypto am Space, mir sollten et warscheinlech och fort maachen.

Meshtastic

orimpe huet eng Solar Node gebaut, de Plang ass déi op d'Bleesbreck ze bréngen. Am Moment steet déi an der ChaosStuff. orimpe wéilt op der Bleesbreck a puer nodes maachen, eng Node kéint och d'Peegel eraus schécken.

orimpe well kucke wei MQTT mat meschtastic funktionéiert, et ka sinn dass "privacy conscious" Leit MQTT Nodes einfach ignoréieren.

Et gëtt eng Wiki Säit.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:chaosmeetings:2025:cm-2025-03&rev=1754244394

Last update: **2025/08/03 20:06**